**Evangelium vum 5. Faaschtesonndeg C**
**Joh 8, 1-11**

## KONTEXT

Joh 7, 53 seet eis, datt verschidde Leit Heem ginn, ouni weider Präzisioun (sinn et d'Hohepriister an d'Pharisäer an/oder hir Dénger ?). De V. duerno, Joh 8, 1 seet, de Jesus wier op den Olivebierg gaangen. An da kënnt den Text iwwert d'Fra, déi friemgaangen ass. – Duerno, Vv. 12ff geet d'Konfrontatioun mat de Pharisäer weider. A verschiddene Commentairen iwwert d'Joh fënnt ee Joh 8, 1-11 net. - Déi Auteure sinn der Meenung, Joh 7, 1-10, 21 wier ee Ganzt, dat zeummenhänkt a wou de Sënn vun dem Fest vun den Zelter hir ze beliichte wier. An da stéiert Joh 8, 1-11 (wou am V. 2 en aneren Dag ufänkt). – Et schéngt es effektiv, wéi wann dësen Text zimlech spéit eréischt seng Plaz am Joh fonnt hätt (déi éischt Kierchepäpp kennen en net an an de ganz ale Manuskripter feelt en) ; verschidde Wierder kommen am Joh och just an dësem Text vir (z. B. 'Olivebierg'). Mee, zënter dem Augustinus an dem Hieronymus ass eisen Text awer als inspiréiert a kanounesch ugeholl.
De Schluss vu Joh 7 weist eis wéi d'Hohepriister an d'Pharisäer versichen de Jesus festzehuelen ; den Nikodemus intervenéiert a freet, zënter wéini e Mënsch ugeklot géif, ouni datt een him virdun nogelauschtert hätt. An dat geschitt dann an eise Vv. 1-11, wou de Jesus mat « Meeschter » (V. 4) ugeried gëtt, d.h. als Léiermeeschter.

## TEXT

**De Jesus ass op den Olivebierg gaang (V. 1) :**

Am Joh ass de Jesus dräimol zu Jerusalem, net nëmmen eemol wéi beim Mt, Mk a Lk. – Wat hien um Olivebierg mécht präziséiert de Joh net.

**Muerges fréi goung hien nees an den Tempel, an d'ganzt Vollek ass ... (V. 2):**

De Jesus sëtzt sech fir d'Leit ze léieren ; dat ass d'Positioun, d'Haltung vum Léiermeeschter, mam juddeschen Titel, vum Rhabbi.. – D'ganzt Vollek ass bei hie komm : an der Erzielung erklären esou Remarquen, firwat d'Schrëftgeléiert an d'Pharisäer jalous hu misse ginn.

**Dunn hunn d'Schrëftgeléiert an d'Pharisäer eng Fra dohi bruecht, déi erwëscht gi war ... wéi si friemgaang ass (Vv. 3-4):**

D'Schrëftgeléiert (déi meeschtens Pharisäer waren) an d'Pharisäer (déi awer net all Schrëftgeléiert waren) bréngen eng Fra dohin, déi a flagranti erwëscht ginn ass. Et ass also sécher, datt si « schëlleg » ass, an de Jesus gëtt elo gefrot fir als Léiermeeschter (hie sëtzt do a gëtt mat « Meeschter » ugeried) a Riichter (d'Fra gëtt an d'Mëtt gestallt, wéi dat bei Geriichter Usus war, cf. Apg 4, 7) ze schwätzen. (Et geet hei nach net Rieds fir d'Fra ze sténgegen, et geet just ëmt d'Geriicht ; et schéngt, wéi wann de Mann d'éischt och huet misse geriicht sinn, éier d'Fra hätt kënne gesténgegt ginn.)

**Am Gesetz huet de Moses äis virgeschriwwen, esou Fraen ze sténgegen. An du, wat sees du dozou ? Dat soten si ... (Vv. 5-6ab) :**

Wéi positionnéiert de Jesus sech vis-à-vis vun der Torah (cf. Lev 20, 10 ; Dtn 22, 22-24), dat ass elo d'Fro déi, an de Schrëftgeléiert an de Pharisäer hiren Aen, och iwwert dem Jesus säi Schicksal décidéiert.

**De Jesus awer huet sech gebéckt an huet ... (V. 6cd) :**

Wann ee ganz genee iwwersetze wéilt, misst ee soen « hien huet noënee Strécher op de Buedem gemeet » ; dofir ménge verschidde Leit, de Jesus hätt hei d'Sënne vu senge Géigner quasi ofgezielt. – Mee, wann ee bei d'Prophéite siche geet, liest een a Jer 17, 13 « déi, déi sech vu mär ewechkéieren, ginn um Buedem opgeschriwwen » ; deemno wier dat hei e prophéitege Geste vum Jesus. – An et ass, wéi wann d'Schrëftgeléiert an d'Pharisäer de Wénk mat der Scheierpaart net verstanen hätten. Dofir muss de Jesus hinnen da säi Geste explizéieren **(Vv. 7-8)** !
(Deen, deen den éischte Stee geheit, ass deen, deen d'Verantwortung fir eng Sténgegung iwwerhëlt.)

**Wéi si dat héieren hunn, sinn si hirer Wee gaang, ... (V. 9)** :

Elo geheit kee méi e Steen, an déi Eelst (d'Weisheet vum Alter ?) ginn als Eischt. Si sinn als Grupp komm fir op d'Prouw ze stellen ; si kréie gesot, si sollten emol a sech goen a virun hirer Dier kieren, a ginn elo eenzel, jiddferee fir sech hirer Wee. – Just d'Fra schéngt nach op hirer Plaz op en Uerteel vum Léiermeeschter ze waarden, well si steet nach ëmmer do.

**Hien huet sech opgeriicht a sot ... (Vv. 10-11) :**

Elo gëtt net méi iwwert d'Fra geschwat, mee, elo gëtt si direkt ugeried an si äntwert selwer. Amplaz datt si zum Doud veruerteelt gëtt, deet sech hir en neien/ e weidere Liewenswee op. – De Jesus huet d'Torah net iwwergaangen, hien huet d'Gesetz och net ausser Kraaft gesat. Am Géigesaz : hien huet op de Gott vun Israel verwisen, dee baarmhäerzeg ass (cf. z. B. Ex 34, 6), an dee vill léiwer huet, datt e Sënner d'Kéier kritt, wéi datt e stierwe géif (cf. Ez 33, 11).

(Fränz Biver-Pettinger)